

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et den Ament dacks zu engem inakzeptabelen Zäitverloscht bei verschiddenen Enquête kënn, well d'Police-Beamten net systematesch mat engem Laptop equipéiert sinn;
- dëst bewierkt, datt d'Poliziste bei enger Enquête alles op der Plaz mat der Hand notéiere mussen, fir duerno um Büro des Donnéeën dann nach eemol ofzetippen an ze encodéieren;
- elo decidéiert gouf, d'Police-Beamte bis 2023 mat High-End-Mobiltelefonen ze equipéieren;
- esou Telefonen awer de Laptop net kënnen ersetzen an doduerch nëmmen eng ganz limitéiert Hëllef duerstellen;

ass sech bewosst, datt

- et duerch dëse Mësstand bei der Police zu onnéidegen Delaien an iwverflësseger Aarbecht kënn;
- de Personalmanckem bei der Police duerch einfach technesch Léisunge kéint ofgefiedert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- dofir ze suergen, datt all Police-Beamte systematesch mat engem Laptop equipéiert sinn, deen et hinnen ënner anerem och erlaabt, op all néideg Datebanken Zougrëff ze hunn.